# Den ale Sträit ëm den C an der Partei

Wéi *forum* virun en etlech 35 Joer an der Jugendpor Lëtzebuerg gegrënnt gouf, wor eng vun de Leieren, déi daks gesonge gouf, déi, dass en C am Numm vun enger Partei eng Heresie wär, eng ideologesch Manipulatioun, déi de Glawe fir parteipolitesch Zwecker mëssbraucht. Dogéint hu sech deemools eng Rëtsch jonk Chrëschte gewiert, well si der Iwwerzeegung woren, dass d'Politik, déi déi Partei bedriwwen huet, alles wéi net mam chrëschtleche Glawen iwwereneen ze brenge wär, ob dat elo d'Ënnerstëtzung fir d'Amerikaner am Vietnamkrich wor oder den Encouragement fir eng Oprüstungspolitik, déi dat atomaart Gläichgewiicht ëmmer méi a Gefor bruecht huet, oder d'Fehlen vun enger konsequenter Integratiounspolitik oder enger seriöser Ëmverdeelung vum Räichtum asw. Besonnesch vun den erzkonservative Leitartikler am *Luxemburger Wort,* déi deemools blannemännerchers am Déngscht vun der CSV geschriwwen hun, gouf deene jonke Chrëschte nawell gär d'Zougehéieregkeet zu der kathoulescher Glawensgemeinschaft ofgesprach.

Un déi net grad schéin Zäiten hunn ech mech erënnert gefillt, wi d'CSV-Vizepresidentin deenen Deputéierten, déi fir eng aktiv Stierfhëllef géife stëmmen, d'Recht wollt ofspriechen, nach an der CSV ze bleiwen. Mat engem C wär esou eng politesch Haltung net ënnert en Hutt ze bréngen.

Inhaltlech verstinn ech déi Fra natierlech. Fir e Chrëscht, deen déi offiziell Léier vun der kathoulescher Kierch als Moossstab vu sengem Handelen hëlt, ass eng aner Haltung schwéier ze begrënnen. *forum* huet schonn am Mee 1994 en Dossier zum Thema Euthanasie publizéiert (Nr. 152), dee glat näischt un Aktualitéit verluer huet. Et dierft kloer sin, dass wann d'Palliativmedezin emol systematesch applizéiert gëtt a wann et endlech en Hospiz fir Doutkranker gëtt, dass dann de Wonsch no aktiver Stierfhëllef wäert staark zréckgoen. Et muss awer och drun erënnert ginn – an am *forum*-Dossier schreift de Moraltheolog Erny Gillen doriwwer –, dass d'Kierch jo seet zum Verzicht op Therapie, jo zum Stierweloossen, jo zum Ofbrieche vun enger Therapie. An deem Sënn huet e chrëschtdemokratesche Justizminister 1994 an Holland dat Gesetz duerch d'Parlament bruecht, dat engem Dokter erlaabt, d'Stierwen ze beschleinegen, ouni dofir als Mäerder ugeklot ze ginn. D'Nüancen tëscht aktiver a passiver Stierfhëllef sinn nun emol a munche Fäll ganz reng.

Duerfir kann ech net verston, dass een eng bestëmmte Haltung, déi een als eenzeg chrëschtlech ausgëtt, wëllt mam Briecheisen duerchsetzen, wéi d'CSV-Vizepresidentin an de *Wort*-Chefredakter dat wëlles hunn, ouni Respekt virun der Fräiheet vum Gewëssen, a géint de Wëlle vum Staatsminister an dem CSV-Fraktiounspresident. Si fuerderen d'CSV-Deputéierten op, dem Parteiprogramm trei ze bleiwen, a vergiessen, dass déi Lëtzebuerger Verfassung – awer och de chrëschtleche Glawen – fir all Deputéierten dat eegent Gewëssen iwwert all Parteiprogramm setzt. Ech ginn dofir d'Impressioun net lass, dass mat där fundamentalistescher Haltung de *Wort*-Leitartikler vum 13. Oktober 2007 net nëmmen d'CSV-Deputéierte bei der Staang halen, mä dem Staatsminister selwer d'Levite wollt liesen, well deen et beim Läichendéngscht fir de Gaston Thorn gewot hat, déi gehässeg LW-Polemik géint déi deemoleg DP-LSAP-Regierung ze kritiséieren. De Kaméidi an der CSV huet also vläicht ganz aner Hannergrënn wéi een op den éischte Bléck kënnt mengen.

Wann een déi réimesch-kathoulesch Léier esou absolut setzt wéi d'CSV-Vizepresidentin, da sollt een och net vergiessen, dass si opgrond vun därselwechter Léier nach virun 30 Joer hätt missen aus der Partei austrieden. Deemools si Parteimemberen, déi gescheet woren oder goufen, prinzipiell net als Kandidate mat an d'Wahle geholl ginn. Haut ass kloer, dass eng Partei keng Kierch ass, dass eng Partei anere Logiken ze follegen huet wéi Glawensiwwerzeegungen.

Net dass CSV-Politiker(innen) vehement géint déi aktiv Euthanasie antrieden, ass de Skandal, mä dass si déi Iwwerzeegung als eleng mam chrëschtleche Glawe vereinbar duerstellen an déi Haltung alle Parteimemberen wëlle virschreiwen an doriwwer eraus per Gesetz deem ganze Land. Dat ass genee deeselwechte Problem, mat deem déi jonk Chrëschten aus der Jugendpor virun 30-35 Joer sech hu missen erëmploen. Haut erliewen also d'Partei- a Fraktiounsmembere selwer, dass een op Grond vum C am Parteinumm keng eenheetlech Politik kann definéieren. Ween dat trotzdeem wëllt, geréit liicht an d'Noperschaft vun engem Fundamentalismus, dee mer jo gär gewëssen islamistesche Kreeser virwerfen. Wann also haut déi Häre Juncker a Wolter de Respekt virun enger Gewëssensentscheedung afuederen, da sollten si och de Courage hunn, hir Logik zu Enn ze denken an endlech mat deem C am Parteinumm opraumen, dee vill Wieler ierféiert a beduckst.

**m.p.**

